



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture



## Digital IKI : Onst immateriellt Kulturierwen digital - Digital Sprangpréssessioun

Keng vun de véier Traditiounen, déi als alleréischst op de nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg opgeholl goufen, kann dëst Joer wéi gewinnt stattfannen. An enger Zäit, wou d'Mënsche veronséichert a bedréckt sinn, ass et awer ëmsou méi wichteg, festlech Gebräicher um Liewen ze erhalen. De Kulturministère an d'Lëtzebuurger UNESCO-Kommissioun hunn dofir decidéiert, dës Traditioun mat de Mëttele vun der Digitalisatioun virzestellen. No der digitaler Émäschen an der digitaler Muttergottesoktav ginn et vum 29. Mee 2020 un digital Ablécker an d'Traditioun vun der lechternacher Sprangpréssessioun. Partner vun dësem Projet sinn de Willibrordus-Bauveräin, den Äerzbisdom, d'Stad lechternach, de CNA an RTL Zweek.

Foto – a Video-Reportagen, online Erlebnistouren, an interessant – a vläicht iwwerraschend – Informatiounen iwwert d'lechternacher Sprangpréssessioun gëtt et vum 29. Mee 2020 un op der Websäit vum immaterielle Kulturierwe Lëtzebuerg [www.iki.lu](http://www.iki.lu) an op de Social-Media-Kanäl vun der UNESCO-Kommissioun. Fir ze weisen, wéi lieweg onst immateriellt Kulturierwen ass, sinn dës Initiativen och interaktiv. Privatfotoen oder Erënnerungen kënnen iwwer d'Hashtags #DigitalIKI an #DigitalSprangpréssessioun eropgeluede ginn.

D'UNESCO huet de 16. November 2010 d'lechternacher Sprangpréssessioun op d'Representativlëscht vum immaterielle Kulturierwen vun der Mënschheet opgeholl. Dat mat der Begrënnung, datt déif an der lechternacher Gemeinschaft verwuerzelt, d'Sprangpréssessioun vu Generatioun zu Generatioun weidergedroe gëtt an esou de Leit e Gefill vun Identitéit an Kontinuitéit vermëttelt. Doduercher dréit d'Sprangpréssessioun derzou bäi, zu Lëtzebuerg an an der ganzer Welt d'Wertschätzung vum immaterielle Kulturierwen an de Respekt virun der mënschlecher Kreativitéit ze stäerken.

## Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen op der ganzer Welt

2003 huet d'UNESCO eng wichteg Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen op der ganzer Welt beschloss. Doropshin huet de Lëtzebuurger Kulturministère e nationalen Inventar vum lëtzebuergeschen immaterielle Kulturierwe geschaf, dee stänneg erweidert gëtt an op deem mëttlerweil Elementer aus alle Kategorien drop sinn:

- Mëndlech Iwwerliwwerungen an Ausdröckweisen, dorënner och d'Sprooch als Mëttel, fir dat immateriellt Kulturierwe weiderzevermëttelen;
- Kënschtlersch Ausdröckformen, déi viru Publikum opgefëiert ginn;
- Gesellschaftlech Gebräicher, Riten a Festlechkeeten;
- Wëssensschätz a Gebräicher, déi d'Natur an den Universum betreffen;
- Fäerdegkeete vum traditionellen Handwierk.

Als alleréischst goufen 2008 op den nationalen Inventar opgeholl: d'Émäschen, d'Muttergottes-Oktave, d'lechternacher Sprangpréssessioun an d'Schueberfouer mat hirem Hämmelemarsch.